

REÇU

Par Aiff Christian , 16:02, 17/07/2020

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 17. Juli 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

De Moment lafe jo flächendeckend COVID-Tester am ganze Land. E Mëttwoch gouf eng Grafik publizéiert no Kantoner. Do fällt op datt de Kanton Esch mat 329 positiven Tester un der Spëtzt vum Land leit. Ech hat en Donneschdeg der Madamm Minister beim Corona-Gesetz heizou spezifesch Froe gestallt wouopper ech keng Äntwert krut.

An dësem Kontext stellen ech der Madamm Gesondheetsminister gäer folgend Froen zu de positiven Tester am Kanton Esch:

1. Dës positiv Tester, am Kanton Esch, sänn dës generell verstreet?
2. Wann net, sinn déi dann op ominéis Infektiouns-Clusteren zrëckzeféieren?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

REÇU
Par Christine Wirtgen , 07:40, 06/08/2020

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 5 août 2020

Réf. : 833x53afc

Concerne: Question parlementaire n° 2564 du 17 juillet 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 2564 du 17 juillet 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant le "Nombre de tests de dépistage de la Covid-19 positifs dans le canton d'Esch-sur-Alzette".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Paulette LENERT
Ministre de la Santé





Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 2564 du 17 juillet 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant le "Nombre de tests de dépistage de la Covid-19 positifs dans le canton d'Esch-sur-Alzette".

1. Dës positiv Tester, am Kanton Esch, sënn dës generell verstreut?

D' Leit déi positiv am Kanton Esch getest goufen sinn net gläichméisseg iwwert dësen Kanton verdeelt. D'Verdeelung vun de Neiinfektiounen an den Gemengen aus dem Kanton Esch variéieren, jee no Gemeng, tëscht 0 an 79 Fäll während der Period vum 22. Juni bis den 12. Juli. Dëst geet aus der Kaart vun den Gemengen en Annexe ervir.


2. Wann net, sinn déi dann op ominéis Infektiouns-Clusteren zrëckzeféieren?

D' Donnéeën déi fir déi geographesch Analyse presentéiert goufen (Presentatioun no Kanton), bezéien sech op d' Adressen vun den infizierten Leit. Et existéieren tatsächlech am Kanton Esch entsprechend Clusteren, déi sech op den Wunnsätz vun den Leit bezeien (zum Beispill Familljen Haiser, Cohabitatiounen). Aner Zorten vun Clusteren (wei zum Besipill Entreprises) regroupéieren Leit, déi an verschiddenen Lokalitéiten wunnen, a kënnen net mat den Zuelen vum Kanton verglach ginn.



Annexe: Nombre de nouveaux cas positifs au Covid-19 au Luxembourg (entre le 22 juin et le 12 juillet 2020)

Nombre de nouveaux cas positifs au COVID-19 au Luxembourg
(entre le 22 juin et le 12 juillet 2020)



Nombre de nouveaux cas positifs au COVID-19 sur 10 000 habitants au Luxembourg
(entre le 22 juin et le 12 juillet 2020)

